

## Déi neiste Baitreeg op dësem Site:

### News

#### [1.7.2017 Ass eng gezielte Campagne am Gaang géint eis Méisproochegkeet a géint dat Däitscht a Lëtzebuergesch hei zu Lëtzebuerg?](#)

05 Jul 2017

(comments: 0)

Ass eng gezielte Campagne am Gaang géint eis Méisproochegkeet a géint dat Däitscht a Lëtzebuergesch hei zu Lëtzebuerg?

Wéi scho fir de neie Rektor vun der Uni Lëtzebuerg, gëtt och elo bei der Abtei Neimënster e Pressechargé gesicht dee weder Däitsch nach Lëtzebuergesch kënne muss.

Och d'Internetsäit vun der Abtei Neimënster ass just op Franséisch an Englesch.

Mir froen:

1. Firwat gëtt ëmmer méi dacks mat eiser Méisproochegkeet gebrach?
2. Firwat gi béid Sproochen am Verglach zum Franséischen diskriminéiert?

Mir erënneren un d'Sproochegesetz:

Lëtzebuergesch ass d'Landessprooch (Nationalsprooch). Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch sinn déi 3 administrativ Sproochen.

[Read more ... 1.7.2017 Ass eng gezielte Campagne am Gaang géint eis Méisproochegkeet a géint dat Däitscht a Lëtzebuergesch hei zu Lëtzebuerg?](#)

#### [29.6.2017 O-Toun Claude Meisch "Ënnerscheedlech Schoule fir ënnerscheedlech Schüler" Dat ass dach den Albdram vun de Sozialisten](#)

29 Jun 2017

(comments: 0)

Trennung amplaz Inklusioun?  
Auserneen amplaz mateneen?  
Parallelgesellschaften amplaz Integratioun?

Soss huet sech d'LSAP (an och déi Gréng) agesat fir d'Gesamtschoul - ENG Schoul fir ALL d'Kanner.

De Wee2050 setzt sech weider a fir déi heiten Ziler:

3. De lëtzebuergesche Schoulsystem muss als beschten Integratiounswee promovéiert ginn.
  - 3.1. Den auslännesche Matbierger kloer maachen dass hir Kanner nëmmen a lëtzebuergesche Schoule voll integréiert ginn.
  - 3.2. Lëtzebuergesch muss an alle staatlech ënnerstëtzte Schoule zu Lëtzebuerg, wéi de Lycée Vauban oder ISL (International School), ugebuede ginn.
  - 3.3. An de staatlech ënnerstëtzte Crèche muss Lëtzebuergesch geschwat ginn.
  - 3.4. Am Précoce an an der Spillschoul soll d'Förderung vum Lëtzebuergeschen am Mëttelpunkt stoen a keng weider Friemsprouche geléiert ginn.

[Read more ... 29.6.2017 O-Toun Claude Meisch "Ënnerscheedlech Schoule fir ënnerscheedlech Schüler"](#)  
[Dat ass dach den Alldram vun de Sozialisten](#)

## [27.6.2017 Lieserbréif vum Fred Keup, am Wort vun e Samschden, 24. Juni 2017.](#)

28 Jun 2017

Lieserbréif vum Fred Keup, am Wort vun e Samschden, 24. Juni 2017.  
Als Reaktioun op dem Alex Bodry säin Interview vum 11. Juni 2017.

"...Haben Sie keine Angst vor den Luxemburgern, Herr Bodry! Die Luxemburger sind weltoffene, freundliche, fröhliche Menschen, dazu mehrsprachig. Nehmen Sie stattdessen die Sorgen ernst: der immer dominanter Einfluss des Französischen, ja, der stört die meisten: viele, weil sie es nicht so gut können wie französische Muttersprachler und sich nicht mehr zurechtfinden bzw. unterlegen fühlen, andere, weil sie sich nicht mehr wohl und heimisch fühlen in einer Umgebung, in der der Stellenwert ihrer Muttersprache, dem Luxemburgischen, aber auch des Deutschen, im öffentlichen Raum rasant zu Gunsten des Französischen schwindet. Das hat weder etwas mit Rückzug auf das Nationale noch mit Einschränkung der Freizügigkeit zu tun und stört zudem auch viele Nicht-Luxemburger...."

De ganzen Artikel:

<http://wee2050.lu/index.php/press/articles/lieserbrief-vum-fred-keup.html?file=files/Site/2017/Leserbrief%20Bodry.png>

[Read more ... 27.6.2017 Lieserbréif vum Fred Keup, am Wort vun e Samschden, 24. Juni 2017.](#)

## [24.6.2017 Déi Lénk sollen sech vun esou extremen an diffamatoreschen Aussoen vun hirer Jugendorganisatioun distanzéieren.](#)

25 Jun 2017

(comments: 0)

Dat do ass d'Jugendorganisatioun vun Déi Lénk, déi an eiser Chamber vertruede sinn a wou hir Verrieder alleguerten den Eed op eis Verfassung an de Grand-Duc ofgeluecht hunn.

D'Zitat gehéiert zum Moto vun engem "Fest" wat d'Organisatioun "Jonk Lénk" den 22. Juni op der Gantenbeinsmillen organiséiert huet.

Et muss een net fir d'Monarchie sinn, et kann een och derfir sinn, dass Lëtzebuerg seng Identitéit verléiere soll, mee Respekt am politeschen Discours ass wichteg! Déi Jonk Lenk setze sech mat esou Aussoen an den extremisteschen, populisteschen Eck.

Am Tageblatt gëtt dat ganz bewonnert. (Do hat wuel de "Journalist" d'Titelsäit vun haut net matkritt wou et heescht "Zesummeréckelen."): <http://www.tageblatt.lu/nachrichten/story/Ein-Hauch-von-Utopie-16940943>

[Read more ... 24.6.2017 Déi Lénk sollen sech vun esou extremen an diffamatoreschen Aussoen vun hirer Jugendorganisatioun distanzéieren.](#)

## [21.6.2017 Mir brauchen endlech eng richtig Debatt iwwer den onkontrolléierte Wuesstem.](#)

25 Jun 2017

(comments: 0)

Mir brauchen endlech eng richtig Debatt iwwer den onkontrolléierte Wuesstem. Nëmmen nach déi räich Lëtzebuerger, oder déi, déi d'Chance hunn ze ierwen, kënnen sech an hirer Heemecht nach eppes leeschten, déi aner gi verdrängt.

Artikel op lessentiel.lu:

<http://www.lessentiel.lu/de/luxemburg/story/Immobilienpreise-klettern-auf-neuen-Hoechststand-27116391>

[Read more ... 21.6.2017 Mir brauchen endlech eng richtig Debatt iwwer den onkontrolléierte Wuesstem.](#)

- [« First](#)
- [Previous](#)
- [30](#)

- [31](#)
- [32](#)
- 33
- [34](#)
- [35](#)
- [36](#)
- [Next](#)
- [Last »](#)